Gemeng
Konsdref

Gemengebuet

1 / 2015

Gewënnerfoto vum Konscht'dref 2015 - Fotograf : Laurent Koob

Ideenworkshop für Kinder zum Thema Spielplätze: Ein Leader-Projekt

11. Dezember 2014

(Text & Fotoen: LAG LEADER MÜLLERTHAL – Anette Peiter)

Am 11. Dezember 2014 hat in einem LEADER-Projekt zum Thema „Erlebnispädagogische Spielplätze“ eine Ideenworkshop für Kinder stattgefunden, an dem Kinder aus den Gemeinden Consdorf und Waldbillig teilgenommen haben. Bei dem Workshop ging es darum mit den Kindern Ideen, für zwei geplante Spielplätze an der Heringer Millen und der Consdorfer Millen zu sammeln. Die Kinder, im Alter zwischen 6 und 10 Jahren, haben sich dafür zunächst mit dem Landschaftsarchitekten Dirk Schelhorn das Außengelände der Heringer Millen angeschaut. Es wurden erste Eindrücke und Ideen für Spielelemente gesammelt. Aufgrund der Vielzahl der Ideen sollten sich die Kinder danach auf einen „Königswunsch“ festlegen. Die Königswünsche waren zum Beispiel ein Labyrinth, ein Baumhaus, ein Klettergarten und Liegebänke zum Ausruhen. Die Wünsche wurden in der Gruppe besprochen und abgewogen und es wurde diskutiert mit welchen Materialien umgesetzt werden könnten. Dazu entwarfen die Kinder ihre Ideen danach auf dem Papier. Die gesammelten Ideen werden in die Planungen für die beiden Spielplatzkonzepte mit einfließen.

Offiziell Aweiung vun der neier Maison Relais

18. Dezember 2014

(Fotoen : Jemp Origer)

Hei e puer flott Andréck vun der Aweiung vun der neier Maison Relais, a Präsenz vum Staatssekretär, dem Här Marc Hansen.

Diplomiwwerreechung an der Iechternacher Museksschoul

Dezember 2014

(Fotoen: Iechternacher Museksschoul)

Fir d'Diplomiwwerreechung vun der Iechternacher Museksschoul huet de Buergermeeschter André Poorters et sech net huele gelooss, fir eise Schüler hiren Diplom perséinlech ze iwwerreechen.

Mir wëllen hei nach emol alle Schüler fir hir Leeschtung gratuléieren.

Senioreparty

27. Dezember 2014

(Text & Fotoen : Jemp Origer)

Tëscht de Feierdeeg vum Jaresenn hat de Konsdrefer Schäfferot op di traditionell Senioreparty an de Kuerzwénkel invitéiert.

Ronn 50 eeler Leit hu sech vun enger charmanter Equipe bekästege gelooss an hunn e puer gemittlech Stonnen zesumme verbruecht.

Eng Tiitche mat regionale Produkter an di allerbescht Gléckwënsch vum Buergermeeschter fir 2015 krut jidderee mat op de Wee.

Liichten am Bësch

6. Februar 2015

(Text & Fotoen: LAG LEADER MÜLLERTHAL)

Am 6. Februar 2015 waren 20 Kinder und 15 Erwachsene mit den Förstern David Farinon und Théo Moulin zum „Liichten am Bësch“ im Marscherwald. Bevor es los ging, haben die Kinder zuerst die Laternen, die die Mitarbeiter der beiden Förster vorbereitet hatten, mit Materialien aus dem Wald dekoriert, zum Beispiel wurden Augen aus Holzscheiben, Haare aus Zweigen und ein Bart aus Laub geklebt. Das ergab eine Vielzahl an einzigartigen und unverwechselbaren Laternen. Ausgerüstet mit den Laternen ging es dann auf eine kurze Wanderung übers freie Feld und später durch den Wald. Das Wetter hat perfekt gepasst, es war trocken, kalt und es hat ein wenig Schnee gelegen. Zum Abschluss hatten die beiden Förster ein Feuer vorbereitet und es gab Würstchen und warme Getränke für Groß und Klein.

Ausfluch vun de Senioren

17. Februar 2015

(Text & Fotoen : Malou Poos-Steichen)

De 17. Februar
haten d'Senioren
eng Visite Guidée
bei der Panelux
an am Trams Musée.

Klibberen 2015

(Text a Foto: André Poorters)

Et ass eng Traditioun. Op Karfreideg an Ouschtersamschdeg sinn eis Bierger, net duerch d'Klackelauden, mee duerch d'Klibberen erwächt an un d'Mëttesstonn erënnert ginn, a hu vun enger anerer Owesklack "Gutt Nuecht" gesot kritt.

Chèque Iwwerreechung vun den Männer a Pappen Konsdref

27. Februar 2015

(Text: Mars Bausch / Foto: Malou Poos-Steichen)

D'Männer a Pappen vu Konsdref hunn am Kader vun hirer 25. Generalversammlung, zesumme mat der Firma Husstec vu Konsdref, e Freideg de 27. Februar 2015 ee Chèque vun 1.500 Euro un den "Dépannage Social Regioun lechternach" iwwerreecht.

1.000 Euro stellen de Benefice vun dem Stand vun de Männer a Pappen op den Duerffester 2013 an 2014 duer, a 500 Euro komme vum Stand vun der Firma Husstec vum Duerffest 2013.

De President vun de Männer a Pappen, Mars Bausch, konnt d'Presidentin vum Dépannage Social, d'Madame Malou Hartmann-Bemtgen, den Här Paul Puraye vum Fifty-One, souwéi de Senior-Chef vun Husstec, de Claude Huss, begréisse fir de Chèque ze iwwerreechen. Hien sot alle Memberen ee grousse Merci fir hiren Asaz um Stand beim Duerffest. De Koordinator vun dem Stand, den Hoffmanns Willy, verdéngt ee spezielle Merci.

D'Madame Malou Hartmann-Bemtgen huet Merci gesot fir den Don an huet de Service vum Dépannage Social virgestallt a betount, datt dës Sue gutt fir Leit aus der Regioun déi dringend an onbürokratesch Hëllef brauchen, agesat ginn.

Den Här Puraye Paul huet d'Männer a Pappen félicitéiert fir dëse sympathesche Geste an huet erkläert, datt de Fifty-One sengerzäit, dat heescht 1983, mat un der Grënnung vum Dépannage Social bedeelegt war.

Gemengevirstellung fir nei Bierger

9. Mäerz 2015

(Text a Foto: Jemp Origer)

Ronn drësseg interesséiert Bierger, déi sech am Laf vum vergaangene Jar an der Konsdrefer Gemeng néiergelooss hunn, hunn den 9. Mäerz un enger Informatiouns-Versammlung vun der Gemengeverwaltung am Festsall um Scheedgen deelgeholl.

No der häerzlecher Begréissung duerch de Buergermeeschter André Poorters huet de Gemengesekretär Steph Hoffarth via Powerpoint-Show duerch di verschidde Gemengeservicer gefouert.

Duerno huet de Schäffe Marco Bermes d'Presentatioun vun den eenzelne Veräiner aus der Gemeng moderéiert an de Micro un d'Veräinsvertrieder weidergereecht: Syndicat d'Initiative et de Tourisme Consdorf; Union Sportive BC 01 Berdorf/Consdorf; Crazy Boots; Senioren Gemeng Konsdref; Konscht am Duerf; Elterevereenegung; Associacão cultural portuguesa de Consdorf; Chorale Consdorf-Berdorf; Kanner- a Jugendchouer Consdorf; The World Runners Consdorf; Pompjeeën Gemeng Konsdref; Konsdrefer Musek.

Beim Patt an engem klenge Maufel war du Geleeënheet fir perséinlech Kontakter ze knëppen a méi genee Informatiounen ze kréien.

Nei Uniforme fir d'Futtballspiller

D'Cadetë vun der Entente Berdorf/Consdorf-Krëschtnech kruten nei Uniformen, gestëft vun de Männer a Pappen Berdorf.

Och d'Seniors 1 vum BC 01 Berdorf / Consdorf hunn nei Uniforme kritt. Gestëft goufen dës vun Husstec S.A. vu Konsdref. D'Veterane vum USBC 01 Berdorf / Consdorf kruten hir nei Uniforme gestëft vun Emil Antony Schornsteintechnik vu Mäertert a vu La Bâloise, Agent Claude Mirkes vu Consdorf.

Traditionell ASKAL Coupe

Januar 2015

(Foto : André Poorters)

Och dës Kéier huet déi traditionell ASKAL-Coupe erëm e grousse Publikum ugelackelt an d'Equippë vum USBC-01 waren och ganz erfollegräich. D'Fraen an d'Männer hunn an de jeeweilege Kategorie gewonnen.

Grouss Botz

21. Mäerz 2015

(Foto: Jemp Origer)

D'Ëmwelt- a Mobilitéitskommissioun, mat der Ënnerstëtzung vum Schäffen- a Gemengerot, hat och dëst Jar nees en Opruff lancéiert, in corpore d'ganzt Konsdrefer Gemengebitt fir di nei Saison fit ze maachen. D'Grondschoulskanner mam Léierpersonal vun den Cyclen 2, 3 a 4, Veräinsvertrieder a Privatleit hunn dësen Challenge ugeholl a fläisseg kéipweis Béchsen, Fläschen, Verpakungsmaterial, Autosdeeler a villes méi laanscht d'Weeër an d'Stroossen agesammelt. Als Belounung huet d'Gemeng eppes géint den Duuscht an de klengen Honger spendéiert.

Am ganze si ronn 200 Kilo Dreck agesammelt ginn.

Konscht´dref 2015
Am Zeeche vun der Konscht

27. an 28. Mäerz 2015

(Text a Fotoen : Malou Poos-Steichen)

Déi véiert Oplo vun der Konschtausstellung Konscht'dref 2015 um Kuerzwénkel huet och dëst Joer e grousse Succès kannt . Während zwee Deeg konnte Konschtwierker vun 22 Kënschtler aus der Konsdrefer Gemeng an aus der Regioun bewonnert ginn. Niewent Bijouen a Keramik, selwer gemaachen Teddybieren, Stéckerei, Broderie, Upcycling, bis hin zu moderner Form vu Molerei, Mëttelalter, selwer gebitzte Saachen a Kannerkleeder, Metall-Kreatiounen, ass och e Workshop vun der Maison Relais fir d'Kanner ugebuede ginn.

Sonndes sinn d'Gewënner vum Fotosconcours „Konsdref = meng Gemeng" geéiert ginn. Organiséiert gouf dës Ausstellung vun der Kulturkommissioun aus der Gemeng.

D'Ausstellung Konscht'dref gëtt all zwee Joer organiséiert, sou datt ee gespaant ka sinn, wat d'Visiteuren op „Konscht'dref 2017" erwaart.

D'Gewënner vum Fotosconcours 2015
Konsdref = meng Gemeng

Ënner 15 Joer:
Imani Henry a
Carole Boentges

Bei den Erwuessenen:
1. Präis : Laurent Koob
2. Präis : Laura Boentges
3. Präis : Jean-Luc Boentges

Erliefnesser am Bësch
November 2014 bis Januar 2015

(Text a Fotoen : Léierpersonal vun der Konsdrefer Schoul)

Mir waren bei de Fierschter kucken wéi ee Bam ëmgemaach gëtt

D'Spillschoulsklass vun den Zebraen am Bësch
23.1.2015

Text a Fotoen: Simone Pletschette

Mir lauschtere no wat de Fierschter Théo eis iwwert de Bësch erzielt. Gläich gëtt e Bam ëmgemaach!

De Bamstamm gëtt mat der Motorsee duerchgeseet.

Mir däerfe souguer op de WF-trac eropklammen!